

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéierte Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 24. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden echlech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister an un d'Madamm Familljeminister weiderzeleeden.

Mëtt Juli ass Lëtzebuerg jo vun uergen Iwwerschwemmunge getraffginn, dobäi ass et zu ganz héijem Materialschued komm. Dernationaler Assurancenassociatioun ACAno, handelt et sech dobäi em déi deierst Naturkatastroph déi mir jee zu Lëtzebuerg haten. Vill Wunnengesinn esou staark beschiedegt ginn datt d'Leit hu missen enzwousch anescht ënner Daach kommen.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Hunn alleguerten déi Leit déi net méi an hiren uerg beschiedegte Wunnenge kënnen wunnen, eng laangfristeg Léisung fonnt?
2. Sinn d'Hëllefsgelder déi d'Regierung fir d'Héichwaasseraffer decidéiert hat méttlerweil alleguerten ausbezueelt ginn?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

La Ministre de l'Intérieur
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec
le Parlement

Luxembourg, le 15 septembre 2021

Objet : Question parlementaire n°4896 du 24 août 2021 de l'honorable Député Jeff Engelen concernant les relogements dans le cadre des inondations récentes

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

La Ministre de l'Intérieur

Taina Bofferding

Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, a vun der Madamm Ministesch fir Famill an Integratioun, Corinne Cahen, op d'parlamentaresch Fro n°4896 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen zum Sujet "Relogements dans le cadre des inondations récentes"

1. Hunn alleguerten déi Leit déi net méi an hiren uerg beschiedegte Wunnenge kënnen wunnen, eng laangfristeg Léisung fonnt?

Der Regierung ass bis elo keng urgent Situatioun matgedeelt ginn, bei där eng vun den uergen Iwwerschwemmunge betreffe Familljen keng fest Léisung fonnt hätt. Et ass schwéier, fir alleguer déi eenzel Situatiounen am Detail ze retracéieren. Op alle Fall muss ee betounen, dass alleguer déi betreffe Gemengen, mat deenen d'Regierung déi lescht Woche konstant a Kontakt war, sech säit den Evenementer vum 14. Juli ëm alleguer déi Famille këmmen an déi ënnerstëtzen, déi während den Iwwerschwemmunge Schued erlidden hunn, jee souguer hiert Haus verluer hunn. Schlussendlech hunn och e ganze Koup Gemenge sech manifestéiert, fir den Affer kuerz- a mëttelfristeg eng Wunneng zur Verfügung ze stellen.

2. Sinn d'Hëllefsgelder déi d'Regierung fir d'Héichwaasseraffer décidéiert hat mëttlerweil alleguerten ausbezueelt ginn?

D'finanziell Hëllef fir Privatstéit, déi de Familljeministère virgesäit am Kader vun den Naturkatastrophen, kann nach bis den 31. Dezember 2021 ugefrot ginn. All Dag kommen Demanden dobäi, an duerfir sinn d'Hëllefsgelder och nach net all ausbezueelt. Op den Datum vum 9. September krut de Familljeministère 211 Demandë fir eng finanziell Hëllef am Kader vun den Iwwerschwemmunge vum 14. a vum 15. Juli eran. Dovu konnte scho 56 Demanden an der Commission des secours sociaux demandés à la suite de catastrophes naturelles traitéiert ginn, an 38 Menagé kruten esou bis ewell finanziell Hëllef fir ee Gesamtmontant vun 179.613 € ausbezueelt.